1-2019-O-A-5692-06 (n°3122)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**Depot: Fernand Kartheiser**
**a Jeff Engelen**

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2020

# Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten,

besuergt iwwert de Phänom vun der haislecher Gewalt;

- ass dorëm beméit, datt all Affer, ouni all Geschlechterdiskriminéierung, kann op adequat Hëllef zielen, inklusiv Infrastrukturen, wéi z.B. Foyeren, betreffend;
- konstatéiert, datt no de Statistike vum *„Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence"* fir d'Joer 2017 35,37% (407 Persounen) vun den Affer vun haislecher Gewalt Persoune vu männlechem Geschlecht waren a fir d'Joer 2018 dëse Prozentsaz bei 33,9% läit (369 Persounen);
- stellt fest, datt bei deenen Ënnerbréngungsstrukturen – mat deenen de Chancëgläichheetsministère am Kader vum Kampf géint Gewalt konventionéiert ass – (Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 1032 vum 6. September 2019), maximal 28 Better fir déi männlech Affer zur Verfügung stinn (11,86%) an 208 fir déi weiblech Affer (88,14%);
- stellt fest, datt et un Infrastrukture fir Pappe mat Kanner feelt a besonnesch och u Méiglechkeeten, fir méi laang an esou enger Infrastruktur kënnen ze bleiwen;
- stellt fest, datt eng Disproportioun tëschent der Afferzuel vum jeeweilege Geschlecht an der Zuel vun Ënnerbréngungsstrukture fir dat Geschlecht besteet;

<u>fuerdert d'Regierung op,</u>

- am Kader vun hirer Chancëgläichheetspolitik Initiativen ze huelen, respektiv ze ënnerstëtzen, déi d'Zil hunn, substanziell méi Ënnerbréngungsstrukture fir Männer a Jongen ze schafen, déi Affer vun haislecher Gewalt sinn;
- besonnesch dofir ze suergen, datt et och genuch Infrastrukture gëtt, an deene Pappe mat Kanner kënne fir méi laang Perioden en Ënnerdaach fannen.

Fernand Kartheiser

Jeff Engelen

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706